



THEMA SPIRITUALITEIT



Wat s de elo maache muss

Gidd iech eleng op eng roueg Plaz setzen wou der net ofgelenkt gitt (dat kann den Späicher, den Gaart, am Bësch oder an engem Park sinn).

Huelt iech och en Téiliicht mat, d'Käerz begleet iech an gëtt iech och d'Maximaldauer vun der Wuecht un.

Huelt iech Zäit vir iech selwer an denkt iwver Saachen no déi iech beweegen. Et ass u sech egal iwver wat der nodenkt. Et geet hei just em iech, et ass eng perséinlech Auszäit vun allem.

Hei sinn als Beispill e puer Froen. Dir musst iech net onbedenkt mat dësen beschäftegen, dat si just Beispillfroen déi iech als Denkustouss dengen sollen, iwvert wat der wëllt nodenken ass natierlech iech iwverlooss :

- Wei gesäis du dech den Moment?
- Wat bedeit däin Clan dier?
- Wat beweegt dech den Moment?
- Wat beschäftegt dech am Moment?
- Hues de Angscht an dësen Zäiten?
- Wat si Saachen déi dech frou maachen?
- Wat si Saachen déis de am léifsten rëm weils maachen?
- Wat gëtt mir an dëser Zäit Orientatioun, oder Halt?

Bei de RaRo ass d'Wuecht eng spirituell Aktivitéit, déi engem d'Geleeënheet gëtt, vir op aner Gedanken ze kommen, sech mat sech selwer ze beschäftegen a sech am Allgemengen Zäit vir sech selwer ze huelen .

Dofir wëllen mer iech eng Variatioun vun enger perséinlecher Wuecht proposéieren.



Lued eng Foto vun denger Aktioun op lgs.lu/scoutendoheem erop.

